

# NEWS AUS DEM GEMENGEROT

Eng vun de meescht besichte Spillplaze vun eiser Gemeng soll fir ëmmer der Vergangenheet ugehéieren.

## Firwat?

**Firwat well de Schäfferot net méi dat am neie Park Kanner spillen?**

Wëll de Schäfferot keen „Kaméidi“ vun de Kanner am Duerfkär vu Sandweiler hunn?

Firwat wëll déi néi Majoritéit net, dat sech do Leit treffen vun alle Generatiounen?

E kleng Réckbléck:

Am Abrëll 2022 huet dee viregte Gemengerot e Projet vun engem Generatiounepark gestëmmt, mat ville Spiller fir eis Kanner.

Eng attraktiv Plaz fir jidderee, fir Grouss a Kléng, Aal a Jonk.

Wou Kanner sech ameséieren an austobe kennen, wou een nei Leit kenne léiert, wou eeler Leit Kontakt fannen an zesummen pueren an e puer flott Stonnen zesumme verbréngen kann.

Dës Pläng sinn an enger Biergerbedeelegung zesumme mat de Sandweiler Awunner realiséiert gin.

## Firwat?

Firwat presentéiert déi nei Majoritéit DP/LSAP zwee Joer méi spéit dem Gemengerot, ënnert dem Virsetz vun der Buergermeeschtesch Madamm Jacqueline Breuer (LSAP) nei Pläng.

Aus dem Generatiounepark fir Kléng a Grouss soll e Park ginn ouni Spill a Spaass fir Kanner. All Spiller fir Kanner si verschwonnen a si just duerch 2 Schachspiller a 2 Dëschtennisdëscher ersat ginn.



D'Foto ass en Dag virum Gemengerot gemaach ginn.

## Firwat?

Bis haut bléift de Schäfferot eis déi Äntwert schëlleg firwat de Generatiounepark praktesch elo eidel do stoe soll.

Just den Här Claude Mousel (DP) éischte Schäffen an zukünftege Buergermeeschter huet dem Gemengerot des Äntwert ginn:

**„Mir wëllen e Park a kee Kreuzfahrtschëff bauen!“**

Fir CSV Sandweiler ass eng Spillplaz awer kee Luxus.

Mir hunn de Schäfferot opgefuerdert, Bierger ze froen, wat fir eng Variant d'Awunner a virun allem eis Kanner wëllen.


E Generatiounepark fir jidderee mee virun allem mat flotte Spiller fir eis Kanner oder e Park am Duerfkär ouni Häerz a Séil.

Eise Punkt ass am Gemengerot mat de Stëmme vun der Majoritéit op onbestëmmten Zäit verschiebt gi, währenddem monter weider gebaut gëtt.

## Firwat keng Biergeremfro?

Huet de Schäfferot Angscht, dass d'Bierger fir d'Erhale vun enger Spillplaz am neie Park sinn?!

Mir wärend frou wann dir lech an den nächste Wochen zesumme mat eis asëtzt fir dës Spillplaz am Zentrum vu Sandweiler ze erhalen!



## Fin le terrain de jeu auprès du Centre Culturel!

### Pourquoi?

L'un des terrains de jeux les plus visités de notre commune devrait appartenir pour toujours au passé.

### Pourquoi?

Pourquoi le conseil échevinal ne veut plus autoriser les enfants à jouer dans le nouveau parc? Le conseil échevinal ne veut-il pas de bruit de la part des enfants au centre du village de Sandweiler?

Pourquoi la nouvelle majorité ne souhaite-t-elle pas que toutes les générations s'y retrouvent?

Un petit récapitulatif :

En avril 2022, le précédent conseil communal a approuvé un projet de parc de toutes les générations, avec de nombreux jeux pour nos enfants.

Une zone de loisirs attrayante pour tous, petits et grands, jeunes et vieux.

Où les enfants peuvent s'amuser et jouer ensemble, où rencontrer de nouvelles personnes, où les personnes âgées peuvent trouver du contact et papoter ensemble et tout le monde puisse passer quelques heures agréables.

Ces plans ont été réalisés grâce à un processus participatif impliquant les citoyens de notre commune.

### Pourquoi?

Pourquoi la nouvelle majorité DP/LSAP présente-t-elle un nouveau projet au conseil municipal deux ans plus tard, sous la direction de la bourgmestre Madame Jacqueline Breuer (LSAP).

Le parc pour toutes les générations, pour petits et grands va devenir un parc sans jeux ni divertissement pour les enfants. Tous les jeux pour enfants ont disparu du plan et ont été remplacés par seulement 2 jeux d'échecs et 2 tables de ping-pong.

### Pourquoi?

À ce jour, le conseil échevinal doit nous expliquer pourquoi le parc serait désormais pratiquement vide.

Seul M. Claude Mousel (DP), premier échevin et futur bourgmestre, a donné la réponse suivante au conseil communal:

**"Nous voulons construire un parc et non un bateau de croisière!"**

Pour le CSV Sandweiler, une aire de jeux n'est sûrement pas un luxe.

Nous avons demandé au conseil échevinal de demander aux citoyens quel type de variante souhaitent les résidents et surtout nos enfants. Un parc pour tous mais surtout avec de superbes jeux pour nos enfants ou un parc au centre du village sans cœur ni âme.

Notre point a été renvoyé sine die avec les voix de la majorité, pendant que les travaux se poursuivent.

### Pourquoi pas un sondage citoyen?

Le conseil échevinal a-t-il peur que les citoyens soient favorables au maintien d'une aire de jeux dans le nouveau parc?!

Nous serions heureux que vous nous rejoigniez dans les prochaines semaines pour préserver ce terrain de jeu au centre de Sandweiler!